ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. Abrëll 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Op de Weltmierer sinn och eng Rei u Schëffer ënnerwee, déi ënnert dem Lëtzebuerger Fändel zirkuléieren. Et ass deemno wichteg, datt dës Schëffer bei hiren Aktivitéiten engem klore rechtleche Kader ënnerleien.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren :

1. Wéi gesäit d'Prozedur aus, fir e Schëff ënnert Lëtzebuerger Fändel kënnen unzemellen a wat sinn d'Grënn dofir, firwat verhältnesméisseg vill Schëffer op dee Wee ugemellt ginn ?
2. Wat fir enge Kontrollmechanismen ënnerleien déi ënnert Lëtzebuerger Fändel ugemellte Schëffer – dëst en vue vun der technescher Sécherheet, awer och en vue vu enger Vermeidung vu potentiellen illegalen Aktivitéiten (z.B. illegale Wueren- an/oder Mënschentransport) ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique